N°3188
Entrée le 01.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°3188 vum 13. November 2025 vun der éierbaren Deputéiert Alexandra Schoos betreffend d'"Enquête "Cadastre des loyers""**

1. **Firwat gëtt dee Froebou net op Lëtzebuergesch ugebueden?**
2. **Wéi vill Persoune goufe fir dës Ëmfro selektionéiert? Wéi vill vun hinnen hunn déi Lëtzebuerger Nationalitéit a sinn deemno censéiert Lëtzebuergesch ze verstoen?**
3. **Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt méi ugeschriwwe Leit dee Questionnaire géifen ausfëllen, wann en och op Lëtzebuergesch géif ugebueden ginn?**
4. **Wéi passt d'Entscheedung, dee Questionnaire net op Lëtzebuergesch unzebidden, zur offizieller Sproochepolitik vun der Regierung, déi den "Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch" zu enger Prioritéit erklärt huet?**
5. **Plangt de Ministère, dee Froebou nodréiglech och op Lëtzebuergesch unzebidden?**
6. **Ginn et Pläng, zukünfteg Ëmfroe méi inklusiv ze gestalten, z.B. duerch all offiziell Sproochen zousätzlech zum Engleschen?**

Et ass dem Ministère vu verschidde Säite suggeréiert ginn, esou Questionnairen och ob Lëtzebuergesch ze maachen a gegeebenenfalls och ob Pabeier. Dëst ass eng Suggestioun déi mer fir zukünfteg Enquêtë gären ophuelen. Am Fall wou d'Bedeelegung un esou enger Enquête obligatoresch géing ginn, wier dat selbstverständlech och noutwendeg. Et ass awer net geplangt dat nach fir dës Enquête ze maachen, well den Delai fir ze äntwerten Enn November ofleeft. Eng Pabeierversioun ass aus technesche Contrainten och net méiglech.

Dës Enquête gouf u 27.988 Leit verschéckt. Aus Dateschutzgrënn - a well d'Nationalitéit vun de Leit fir d'Enquête keng Roll spillt – ass net bekannt wei sech dësen Echantillon no verschidden Nationalitéiten opschlësselt.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch